N° 8264
Entrée le 25.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

An hirem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht am Kontext vun der Energietransitioun d'Verwendung vu Biokraaftstoffen aus der éischter Generatioun op 5% ze limitéiert an dofir d'Biokraaftstoffen vun der zweeter Generatioun, déi als méi nohalteg gëllen, ze fërderen. De Minister hat an der Äntwert op d'Fro n°3593 erkläert, dass zënter 2019 den Undeel vu Biosprit, dee Palmueleg beinhalt, sougenannte Biosprit vun der éischter Generatioun (biocarburant d'origine agro-alimentaire), a Lëtzebuerg ob maximal 5% begrenzt ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vun den haut zu Lëtzebuerg getanktene Biodreifstoffen si vun der éischter Generatioun a wéi vill Prozent vun der Zweeter?
2. Viséiert d'Regierung eng weider Verréngerung vu Biodreifstoffen aus der éischter Generatioun par Rapport zu deenen aus der zweeter Generatioun? Wann jo, wat ass de viséierte Prozentsaz vu Biocarburanten aus der éischter Generatioun?
3. Plangt d'Regierung an Zukunft nëmmen nach vu Biokraftstoff aus der zweeter Generatioun Gebrauch ze maachen? Wa jo, wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten